N°797
Entrée le 29.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Inneminister Léon Gloden op déi urgent parlamentaresch Ufro n° 797 vum honorabelen Deputéierten Meris Sehovic vum 27. Mee 2024 iwwer d'Instruktiounen zu den Europawalen**

**1. A wéi ville Gemenge gouf d'Dokument mat den Erklärungen zur Stëmmevergab net matgeschéckt?**

D'Dokument mat den Instruktioune fir de Wieler ass de Gemengen, sou wéi üblech, vum Staat a vum SIGI zur Verfügung gestallt ginn. Fir d'Verschécke vun dësem Dokument un de Wieler, sinn d'Gemengen zoustänneg. Op telefonesch Nofro bei alle Gemengen huet sech erausgestallt dass et sech just em siewe Gemengen handelt.

**2. Wéi gesäit den Här Inneminister d'Problematik vun de feelenden Informatiounen am Courrier fir d'Bréifwal wat d'Validitéit vun de Walen ugeet?**

Opgrond vun der Unzuel u Fäll wou d'Instruktioune gefeelt hunn, huet dëst keen Impakt op d'Validitéit vun de Walen. D'Gemenge sin och invitéiert gin fir d'Instructiounen nozereechen wéi an der Äntwert op d'Fro präziséiert get.

D'Instruktioune fir d'Wieler kennen desweideren och ënnert enger paraphraséierter a vereinfachter Form op folgenden Internetsäite vum Wieler consultéiert ginn:

- https://elections.public.lu/
- https://elections.europa.eu/fr/how-to-vote/lu/
- https://jepeuxvoter.lu/
- https://guichet.public.lu/
- https://zpb.lu/

**3. Wat plangt den Här Inneminister, fir déi onkomplett Informatioune richtegzestellen?**

Als direkt Reaktioun op des parlamentaresch Fro, sinn déi concernéiert Gemengen vum Inneministère opgeruff ginn, deejéinege Wieler, déi d'Dokument mat den Instruktiounen net solle krit hunn, nozereechen.

Wat d'Dokument „Prozedur fir d'Bréifwal" ugeet, sou handelt et sech heibäi em eng bildlech a vereinfacht Veranschaulechung vun der Prozedur fir d'Bréifwal. Dëst Dokument ass net vum Gesetz virgesi mee soll dem Wieler hëllefe besser ze verstoen a wéi eng Enveloppe e säi Stëmmziedel soll leen fir dësen zeréckzeschécken. Dëst Dokument, wat och scho bei virechte Walen verschéckt ginn ass, enthält kengerlee Indikatiounen zu de Reegele fir säi Stëmmziedel auszefëllen. An deem Sënn ass och de Walziedel deen dorop ze gesinn ass als Beispill gemengt.

**4. Wier et net sënnvoll, an deene vum Oubli betraffene Gemengen eng statistesch Analys vun der Bréifwal ze maache, fir den Impakt vun der feelender Informatioun op d'Walverhale vun de Bierger:innen z'analyséieren?**

Esou eng Statistik ass net realiséierbar ouni géint d'Walgeheimnis ze verstoussen.

Luxembourg, le 29 mai 2024

Le Ministre des Affaires intérieures

(s.) Léon GLODEN